



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la coopération
au développement et
de l'action humanitaire

Déclaratioun Chamber

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären,

Wéi ech am Februar dëst Joer meng Funktioun als Kooperatiouns- an als Wirtschaftsminister ugeholl hunn, hätt ech ni geduecht dass d'Welt sech esou séier an esou fundamental veränneren géing. D'Kris vum **COVID-19** huet en Impakt op alles wat mer maachen, an op d'Manéier wéi mer d'Saachen maachen a wéi mer liewen. Haut, aacht Méint méi spéit, bleiwen nach ëmmer vill Ongewëssheeten. Iwwert de Virus selwer, a säin Impakt op ons Gesondheet, mee och iwwert déi sozio-ekonomesch Konsequenzen déi all d'Mënschen treffen, heiheem an iwwerall op der Welt.

Hei zu Lëtzebuerg, an de Staatsminister huet d'läscht Woch op dëser Plaz ons Efforten ënnerstrach, hu mir eng ganz Rei Moosname geholl.

Mir hunn an enger éischer Phase e Stabilisatiounspak an enger Héicht vun 10,4 Milliarden Euro décidéiert. A fir d'Relance och mëttel- a langfristeg ze ënnerstëtzen, ass an enger zweeter Phase mam 'Neistart Lëtzebuerg' nach eng Kéier e Pak u Moosname vun 800 Milliounen Euro

dobäikomm. Als Wirtschaftsminister hunn ech, zesumme mat de Kollegen an der Regierung, dofir gekämpft d'Entreprise ze ënnerstëtzen, d'Aarbechtsplazen sou wäit wéi méiglech ze erhalen an d'sozial an ekonomesch Konsequenzen vun der Kris sou wäit wéi méiglech ofzefiedereren.

Mee net just Lëtzebuerg, huet d'Kris vum Covid-19 hier Spuren hannerlooss.

Weltwäit sinn iwwert eng Millioun Leit gestuerwen, a méi wei 40 Milliounen Leit infizéiert ginn a mir erliewen déi gréissten ekonomesch Kontraktioun säit dem 2ten Weltkrich. A wéi leider sou oft, sinn et **déi Äärmsten déi am Meeschten ënnert dëser Pandemie leiden**. Déi, déi keng Reserven hunn, déi hiert Geld vun Dag zu Dag verdéngen müssen, déi weder Accès un Schutzmaterial hunn, nach un Gesondheetsservicer.

D'Weltbank schätzt, dass wéinst dem Virus méi wéi **150 Milliounen Leit an d'extrem Aarmut fale kéinten**. Dat wier déi éischt Steigerung an der globaler extremer Aarmut zanter 1998. a. Ech hat vill Gespréicher an de läschte Woche a Méint mat Leit wéi den David Beasley vum Programme alimentaire mondial (dem PAM), oder dem Alice Albright vum Global Partnership for Education. Sie hun confirméiert dass um Héichpunkt vun dëser Pandemie d'Schoulen, d'Universitëiten souwéi aaner edukativ Institutiounen an weinstens 190 Länner zou waren. Ronn 1,6 Milliarde Schüler a Studenten waren esou an hirer Bildung limitéiert, an 80 Milliounen Kanner kruten déi basesch Impfungen net. De PAM schätzt dass d'nächst Joer eng 38 Milliounen méi Leit op hir Liewensmëttelhëllef ugewisen sin (vun 100 op 138 Milliounen Leit). Et ass also kloer: wa mer elo net handeln, da sti mer virun enger globaler Rezessioun, d'Fortschrëtter vun de leschte Joerzénge an der Aarmutsbekämpfung zunichte mécht an d'Ereechen vun den nohaltegen Entwécklungsziler vun der Agenda 2030, de sougenannten SDGs, komplett ausser Räichwäit setzt.

D'Lëtzebuerger Kooperatioun huet **schnell op de COVID reagiert**. Zesumme mat onsen nationalen an internationalen Partner hu mer bis elo 65,8 MEUR a sanitär a sozio-ekonomesch Projet'en investéiert, haaptsächlech an Afrika, mee och soss an der Welt, an Asien an a Latäin Amerika. An enger finanziell schwiereger Zäit, hu mir gekuckt déi Suen déi wéinst dem COVID net konnten ausgi ginn wéi geplangt, dohin ëmzeleeden wou se am meeschte gebraucht ginn, am Kader vun der sougenannte "COVID Response".

Iwwert d'humanitär Hëllef konnte mer direkt reagieren an hunn ënnert anerem 2 MEUR un den Covid-19 Opruff vum internationalen Roude Kreuz ginn, 5 MEUR un den CERF (*Fonds central d'intervention d'urgence* vun de Vereenten Natiounen), an 3,5 MEUR un den « Covid-19 Global Humanitarian Response Plan » (GHRP) vun UN OCHA. Am multilaterale Beräich hu mer ons Kontributioun un de Gavi, déi global Impfallianz, substantiell erhéicht op 5 MEUR fir di nächst 5 Joer. Och d'OMS (Organisation mondiale de la Santé) hu mer wieder ënnerstëtzt, mat 7,15 MEUR. Generell gi ronn 30% vum Budget vun der lëtzebuerger Entwécklungshëllef u multilateral Organisatiounen a Form vu flexibelen, méijährege Finanzéierunge verdeelt. Dëst bleift de Fall während der COVID-19 Kris well elo - méi wéi jee - d'UNO eng zolidd finanziell Finanzéierungsbasis brauch.

Den lëtzebuerger **ONGen**, hu mer d'Méiglechkeet ginn hir Projeten emzestrukturéieren an déi néideg Finanzementer un hir Partner um Terrain ze ginn fir géint de Virus an seng Konsequenzen unzekämpfen. Am ganzen konnten do 7,3 MEUR mobiliséiert ginn, an do wou eng Emprogrammation net méiglech wor hu mer zousätzlech Budgeten ginn. Wie efficace die Hëllef wor konnt ech zesummen mam Premier Xavier Bettel feststellen, wie mer virun zwou Wochen

fënnef ONG agelueden hunn ons hir COVID Projet'en virzestellen. Ech wor impressionéiert vun de Resultater an de Beräicher Gesondheet, Educatioun an Liewensmëttelhëllef.

Um **bilatéralen Plang** hu mir an all Partnerland 2 bis 3 MEUR mobiliséiert fir hier national Programmen an der Lutte géingt de Covid ze ënnerstëtzen.

All dëst hu mer am Kader vun der Approche « **Team Europe** » gemaach. Europa an di europäesch Memberstaaten hunn sech zesummegegoen, fir gemeinsam als Team ze weisen, dass Europa fäeg ass séier a koordinéiert Hëllef ze leeschten. D'EU huet zesumme 36 Milliarden Euro mobiliséiert. Andeems um Terrain koordinéiert geschafft gi ass, konnten Synergien geschafe ginn déi eis Projeten méi effikass maachen. Et gëllt och mëttel- a laangfristeg dësen Usatz nach weider an eis bilateral Kooperatioun ze integréieren. Zesummen ass d'Team Europe méi staark, méi effikass, méi visibel, an huet och méi Afloss.

Zemools an **Afrika** muss d'EU méi koordinéiert virgoen. Am Mäerz gouf e Projet vun enger neier europäescher Strategie fir Afrika lancéiert. Si gesäit eng néi Partnerschaft fir, a viséiert en nohaltege Wuesstem, mat engem Fokus op sécher Aarbechtsplazen an eng gutt ausgebildeten Jugend, op erneierbar Energien an eng nohalteg Agrikultur, op Investissementer an op Innovatioun an Digitaliséierung, an en dynameschen Privat Secteur. Grad esou wichteg sinn awer och d'Voleten vun der gudder Gouvernance an de Mënscherechter, der Sécherheet an der Promotioun vum Fridden, esou wei d'Erausforderunge vun der Mobilitéit an der Migratioun.

All dës Themen gi natierlech och traitéiert am Kader vun den Verhandlungen zum neie Partnerschaftsofkommes tëscht der EU a Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik, dem

sougenannten **Accord Post-Cotonou**. Dës Verhandlungen konnten net an den Délaien ofgeschloss ginn an den aktuellen Accord, deen am Dezember ausleeft, muss verlängert ginn.

Och d'Vehandlungen vum neien europäeschen Instrument fir Noperschaft, Entwécklung an international Kooperatioun (**NDICI**), gi weider. Eng nei Architektur vun den europäeschen Instrumenter am Développement soll et erlaben, fir méi séier, méi flexibel an domat méi effikass ze reagéieren, do wou d'Ënnerstëtzung vun der Europäescher Unioun gebraucht gëtt.

De **Finanzement vum Développement**, ass a bleift eng kruzial Fro, wa mer d'SDGen bis 2030 erreeche wëllen. Zemoos elo a COVID a post-COVID Zäite gëtt et ëmmer méi schwéier déi néideg Ressourcen zesummen ze kréien. De budgetären Drock ass enorm. Den António Guterres sot am September um *High-Level Meeting on Financing for Development*, dass d'Länner weltwäit eng 11,5 Dausend Milliarden USDollar, als Äntwert op de COVID mobiliséiert hunn. Nëmmen 2,5% vun deem fiskalen Stimulus ass an den Entwécklungs- an Schwellelänner ze fannen, do wou d'Besoinen awer am gréissten sinn.

Ee wichtege Punkt deen elo méi wéi jee nees opkënnt ass deen vun der **Verscholdung vun den Entwécklungsänner**, déi no dëser Kris esou héich ass ewéi schonn säit 50 Joer net méi. Ech begréissen an deem Kontext dem G20 seng "debt service suspension initiative" vum 15. Abrëll dëst Joer. Och op EU Niveau plaidéiere mir fir d'Nolosse vun de Scholden, notamment vun onsen afrikaneschen Noperen. D'Lëtzebuenger Entwécklungspolitik baséiert weiderhin exklusiv op Don'ën, fir ons Partnerlänner net weider ze verschëlden.

Lëtzebuerg bleift beim Finanzement a senger Leader-Roll, a mir investéiere weiderhin 1% vun onsem RNB an d'Entwécklungszesummenaarbecht. 2019 waren dat 420 MEUR.. Matt dësem

Bäitrag gehéiert Lëtzebuerg, nieft Norwegen, Finnland, Dänemark an England zu deene wéinege Länner di hiren internationalen Engagement vun 0,7% bis ewell nach ëmmer gehale hunn.

Grad an Zäiten vun esou weltwäiten Krisen, déi natierlech och en Impakt op d'Entwécklungshëllef hunn, ass et wichteg, fir onsen Asaz fir déi Schwächst weltwäit oprecht ze erhalen.

Lëtzebuerg bleift dofir weiderhin engagéiert, a sou wéi et am Regierungsprogramm festgehalten ass, gi mir ginn net un den 1% vum RNB réckelen.

Vu dass den RNB dëst Joer staark erofgaangen ass, ass ons **APD fir 2020 em ronn 43 MEUR méi niddereg** wie ursprénglech geplangt. Den Gesamtbetrag fir dëst Joer läit domat bei ronn **391 MEUR**. De gréissten Deel vun dëser Baisse ass vun onser Agence LuxDev gedroen gi (20 MEUR). Dëst war méiglech well wéinst der Covid-Kris vill Projeten net esou ëmgésat konnte gi wei virgesinn, an doduerch och eng Partie nei Projeten op 2021 verréckelt goufen.

Mir hunn dogéint alles gemaach fir d'Budget'en vun den ONGen net ze kierzen. Ech kommen herno nach emol dorops zeréck. Och bei den multilateralen Agencen wei der OMS hu mer net gekierzt, fir hinnen ze erméiglechen op d'Covid-Kris ze äntweren.

Fir 2021 hu mir 1% vun onsem RNB, also insgesamt 403 Milliounen Euro, fir ons APD virgesinn. Am Géigesaz zu deem wat plazeweis behaupt gëtt, bedeit dat also keng Reduktioun mee eng Steigerung vu ronn 12 Milliounen vun onser APD par rapport zu deeër déi mir dëst Joer wäerten ausginn hunn. Wéi gesot hale mir weider um 1% fest. D'Regierung hält also hier Engagementer a kierzt d'APD net fir 2021 oder doriwwer eraus; se geet esouguer nach erop. An och de Budget fir

d'humanitär Hëllef gëtt net gestrach. E gëtt an de Kooperatiounsfong integréiert fir eng méi grouss Flexibilitéit ze hunn. An e wäert och d'nächst Joer weider wuessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,

Mir konzentréieren ons Entwécklungshëllef op déi mannst entwéckelt Länner. A fir mech ass et **kloer dass ons Hëllef am Meeschten an Afrika gebraucht gëtt**, besonnesch am Sahel. Dofir ass et och do wou Lëtzebuerg am aktiivsten ass, a wäert bleiwen. Net nëmmen sinn hei déi äermsten Länner vun der Welt, mee och um geopoliteschen Plang sinn hei enorm Erausforderungen fir d'Géigend selwer, mee och fir Europa, an dat souwuel am Beräich vun der Sécherheet wéi vun der Migratioun. Verstitt mech net falsch, et geet hei net dorëms d'Entwécklungshëllef ze instrumentaliséieren, ganz au contraire. Et geet dorëms d'Wuerzelen vun de Problemer ze léisen, an jidderee weess dass d'Aarmut dee fruchtbarste Buedem ass fir Terrorismus, Kriminalitéit an och fir Flüchtlingswellen. Et ass also do, bei der Aarmut, wou mer onsen Hiewel mussen usetzen.

D'Länner am **Sahel** si mat multiple Krisen confrontéiert: Onsecherheet, Epidemiën, humanitär an Ëmweltkrisen. D'Unzuel un déplacéierte Mënschen huet sech an de leschten 2 Joer verduebelt am Sahel, vun 700.000 op 1,4 Milliounen Leit. An engem Kontext vu Konflikter an Onsécherheet huelen d'Verstéiss géint d'Mënscherechter zou, och d'Gewalt géint Fraen a Kanner. An d'Zuel vun den Leit déi net genuch z'iessen hunn, huet sech verdräifacht am Burkina Faso, bal verduebelt am Mali an ass 77% an d'Luucht gaang am Niger. De COVID-19 huet d'Situatioun nach verschlechtert an erschwéiert den Accès un déi basësche sozial Servicer wéi Gesondheet oder Educatioun. D'Gewalt an déi institutionell Onstabilitéit maachen ons Aarbecht um Terrain, souwéi och déi vun eise lokale Partner, ëmsou méi komplex. Einfach Äntwerten ginn et net an mir mussen en Usaz op verschidde Niveau'en hunn, am Kader vum sougenannte

Nexus Developpement – Humanitär- Fridden. Wéi mer do konkret virginn kann ech iech unhand vun e puer Beispiller illustréieren.

Enn September hunn ech mam Ausseminister vum **Niger** onse “Programme indicatif de Coopération” (PIC) ëm ee Joer verlängert, bis Enn 2021 an eise finanzielle Bäitrag ëm 16,8 MEUR erhéicht. De Niger ass vun der UNO als ärmstent Land op der Welt klasséiert (am “Indice de Développement humain”), dofir si mer schonn zanter 30 Joer do staark engagéiert.. Lëtzebuerg assuréiert d’Roll vum Chef de File am Waasser-Secteur am Niger, dat heescht datt mir d ‘Coördinatioun vun all den Donateur’ en an deem Secteur iwwerhuelen, fir zesummen mat der nigerescher Regierung eng kohärent Strategie auszeschaffen an ëmzesetzen. Dat ass een Zeechen vum Professionalismus an der Unerkennung vun der laangjäregger Erfahrung vun der lëtzebuergescher Kooperatioun am Niger.

Am **Burkina Faso**, ass d ‘Situatioun leider net vill besser, am Géigendeel, d ‘Lag huet sech lues awer sécher verschlechtert iwwert déi lescht Joren. Trotzdem huet d’lëtzebuergescher Kooperatioun kënne weiderschaffen, och wa mer eis hu missten adaptéiere wéinst der Verschlechterung vun der Sécherheetslag. Ee grouse Succès d’lescht Joer war déi 4. Editioun vun der “Semaine africaine de la microfinance” (SAM), déi zesumme mat den Burkinabè an der Lëtzebuergescher Associatioun ADA zu Ouagadougou organiséiert gouf. Eng 800 Acteuren a Spezialiste vu ganz Afrika an Europa koumen hei zesumme . Och am Burkina wäerte mer d’nächst Joer d’Roll vum Chef de file unhuelen, an zwar am Educatiouns-Secteur. D’Besoin’ en sinn enorm, well scho virun

der Pandemie iwwer 2.500 Schoulen zou waren wéinst der unhalender Onsécherheet. D'Zukunft vum Land steet hei um Spill, an déi Jonk sti virun immensen Erausfuerderungen.

Am **Mali** sinn eis bilateral Programmer, trotz den Sécherheetsproblemer an der Pandemie, quasi wéi geplangt weider gelaf. Ech hat am Fong virgesinn, virun Enn des Joers en neie, véierten Programme indicatif de Coopération fir d' Joren 2021-2025 mam Maleschen Ausseminister ze ënnerschreiwten.

De rezente **Militär-Putsch vum 18.August** huet ons allerdéngs e Stréch duerch d'Rechnung gemaach an eng scho ganz komplex Situatioun nach méi komplizéiert gemaach. Ënnert dësen Ëmstänn, huet Lëtzebuerg, sou wéi och déi aner Länner déi am Mali present sinn, all direkt bilateral Ënnerstëtzung un déi malesch Regierung provisoersch op Äis geluecht an féiert am Moment just déi Aktiounen weider déi direkt der malescher Bevëlkerung an der Zivilgesellschaft zegutt kommen. De Putsch ass glécklecherweis friddlech verlaf an och d'Transitioun leeft och am Moment relativ gutt. Si ass op 18 Méint begrenzt, an en zivillen Président an Premier Minister goufen genannt, sou dass d'CEDEAO hier Sanktiounen géint de Mali opgehuewen huet. Mir hoffen also geschwënn nees mat enger international unerkannte Regierung kënnen ze schaffen. D'bonne Gouvernance an d' 'Mënscherechter bleiwen natierlech wichteg Sujet'en, déi mir an all eis Projete wäerten transversal integréieren. An dësem Kontext wëlle mir och nach méi mat Acteure vun der Zivilgesellschaft schaffen, wéi mir et bis elo scho gemaach hunn .

Doriwwer eraus bleift **d'Sécherheetssituatioun** am Mali, esou wéi **am ganzen Sahel**, weider eng Prioritéit. Lëtzebuerg schafft an deem Kontext zesummen anere Länner déi op der Plaz sinn, an dat an der Internationaler Koalitioun fir de Sahel an och an der Alliance Sahel.

D'Onsécherheet huet natierlech och en Afloss op ons Aarbecht an deenen Länner. Mir mussen d'Situatioun op deeglecher Basis analyséieren fir kënnen entspriechend Moosnamen ze huele fir eis Leit um Terrain ze schützen.

D'Sécherheet kennt virun allen aneren Considératiounen, dofir ass an deem Beräich ganz vill geschitt déi lescht 2 Joer: Mir hunn an Infrastrukturen an Équipementer investéiert, mir hunn Formatiounen organiséiert, an regional a national Expertise recrutéiert. **D'Sécherheet huet awer och säi Präiss** an dofir hu mer och der LuxDev an den ONGen zousätzlech budgetär Mëttele ginn fir dass si hiren "duty of care" vis-à-vis vun hire Leit kennen erfëllen. Et muss een awer och soen dass et eng 100% Sécherheet néierens gëtt, och hei bei ons net.

Am **Senegal** ass d'Secherheetslag glécklecherweis vill besser, a mir konnten ons voll a ganz op d'Ëmsetzung vun eise bilateralen Programmer konzentréiert, am Beräich vun der Gesondheet, der Formation Professionelle an der "Employabilitéit" vun deene Jonken. Mir konnten hei konkret Fortschrëtter maachen an Saachen generaliséierter Krankeversécherung fir jiddereen an der Stärkung vun der Gestiou vun den medizineschen Urgencen, besonnësch mam senegaleseschen SAMU. Well zemools an méi ländlechen Regiounen muss an engem Noutfall oft stonnelaang gewaart ginn bis liewenswichtig Hëllef erbäi kënt.

En anert Land an Afrika mat deem mer ganz speziell Relatiounen hunn ass de **Cabo Verde**. Ech hat d'Chance just virum Lockdown eng Visite op der Plaz ze maachen, zesummen mam Carole

Dieschbourg a mam Claude Turmes. Mir konnten eng ganzheetlech Approche festleeën fir déi verschidden Inseln op eng nohalteg Aart a Weis ze ënnerstëtzen. D'Resultat ass de neie PIC "Développement-Klima-Energie", deen 2021 uleeft an deen déi éischten konkret Ëmsetzung ass vun der "**Approche pays**", déi am Regierungsprogramm virgesinn ass.

Des nei Approche soll néi Synergien, Complémentaritéiten a Kohärenz an onsen Interventioune schafen, an deem mer verstärkt op déi kombinéiert Kompetenzen an den Know-how vun den lëtzebuenger öffentliche Acteuren an anere Partner zeréckgräifen. An der selwechter Logik ginn an deem Kader déi verschidden Programmer souwuel vum Fonds de la Coopération au Développement souwéi och vum Fonds Climat&Energie finanziert. Dësen innovativen PIC, mat enger Enveloppe vun 78 MEUR fir d 'Period 2021 – 2025, hunn ech konnten am Juli ënnerschreiwen, während enger Commission de Partenariat déi mer iwwer Visio-conférence mat onsen Partner ofgehalen hunn.

Här President,

Dir Dammen an Dir Hären,

Den Fokus läit op Afrika, mee et ass mer awer och ganz wichteg dass mer als Lëtzebuerg eng **global Präsenz** behalen, also och an Asien an an zentral Amerika. Dëst ass net nëmmen wichteg fir Diversitéit vun onsen Partneriater ze garantéieren, mee ass och en strategeschen Aspekt vun onser Aussepolitik. E Land wéi Lëtzebuerg brauch Partner op der ganzer Welt.

De Schwéierpunkt vun onser Kooperatioun an **Asien** läit am **Laos**, ma mir hu weiderhin och Projeten lafen am **Vietnam**, **Myanmar** an der **Mongolei**. Traditionell si mer hei an de Secteuren vun der Gesondheet, der ländlecher Entwécklung, der Formatioun am Tourismus, an och an der

bonne Gouvernance engagéiert. Eng ganz Rëtsch Lëtzebuerger Acteuren sinn hei aktiv, sief et Spideeler, d'UNI, de Statec, Recherche Instituter oder ONGen. Zemoos an engem Post COVID Szenario, kënnen hei interessant Partneriater entstoën. an innovativen Interventiouns-Beräicher, wéi ICT an Online-Kapazität.

Och an Asien an **Zentralamerika** hunn d'Kollegen vum Ëmweltministère eng grouss Roll ze spillen a mir kënnen Synergien schafen fir eng méi nohalteg a klimagerecht Entwécklung,. Lëtzebuerg ënnerstëtzt hei verstärkt regional Projéct 'en fir gemeinsam Problemer vun deenen verschidden Länner ze bekämpfen an esou zur regionaler Integratioun bäizedroen.

Enn 2019 hunn mir e **regionale Programm** mat der *Organisation internationale pour les migrations* ënnerschriwwen, fir d'Präventioun vun der Gewalt géint Fraen déi an dëser Regioun migréieren. Mir sinn och amgaangen eng 2. Phase ze formuléieren vun eisem regionalen Programm fir den Entrepreneuriat an d'wirtschaftlech Onofhängegkeet vun den Fraen ze stäerken, zesummen mam Centre régional pour la promotion des micro, petites et moyennes entreprises.

Nach e Wuert zum **Nicaragua**, wou mer jo säit Enn 2019 keng direkt bilateral Coopératioun méi mat der Regierung hunn, wéinst der sozio-politescher Kris am Land déi weiderhin unhält. D'LuxDev huet awer nach en Spidol am Norden vum Land fäerdeg gebaut, wat méi wéi 50.000 Leit aus ländlechen Géigenden et erméiglecht en Zougang un Gesondheetsservicer ze kréien. Donieft ënnerstëtzen mir weiderhin de PAM, fir d'Ernährung vu méi wéi 180.000 Schoulkanner am Norden vum Land ze verbessern. A mir setzen verstärkt op Partnerschaften mat lokalen an

internationalen ONG'en, fir d' Mënscherechter ze stäerken, awer och fir den sanitären, sozialen an wiertschaftlechen Folgen vun der COVID-19 Pandemie entgéint ze wierken.

An esou Situatiounen gesäit een wéi wichteg et ass **d'Zivilgesellschaft an d'ONGen** ze ënnerstëtzen. Duerch hir Kontakter an Réseauen, kennen si oft op Platzen an a Secteuren schaffen wou mir als staatlech Acteuren net hikommen. D'Zesummenaarbecht mat den ONGen ass deemnoe wichtege Pilier vun onser Cooperatioun. Net manner wéi 91 ONGen hu momentan en Agrément beim Ausseministère a setze ronn 16 % vun onser APD em. Aktuell cofinanzéiert den Ministère eng 25 Entwécklungs Accords-Cadren an 70 Projeten. An och am Beräich **Sensibiliséierung an Educatioun au développement** an eiser Gesellschaft leeschten ons ONGen eng ganz wichteg Aarbecht bei eis am Land, déi mer staark ënnerstëtzen.

Zesummen mam **Cercle des ONG**, deen d'lescht Joer seng 40 Joer gefeiert huet, wäerte mer och weiderhin d'Aarbecht vun den ONGen ënnerstëtzen an un Synergien schaffen. Sou hu mer z.B. zousätzlech Subsidien zur Verfügung gestallt déi d'Secherheet vun onsen ONG'en an hire Partner stäerken sollen, duerch Formatiounen, besser Équipementer oder Infrastruktur.

Op der Basis vun enger OCDE Recommandatioun, hu mir och zesummen mam Cercle eng Charta opgestallt, fir d'Präventioun an d'Bekämpfen vu sexueller Belästegung, Ausbeutung a Mëssbrauch. Dat ass d'Ëmsetzung un onser Approche vun "null Toleranz" an dësem Beräich. All ONG muss dës Charta ënnerschreiwen, fir ab dem 1. Januar 2021 de ministeriellen Agrément kennen ze kréien.

Ech hunn et virdrun gesot, de COVID-19 hat an huet e groussen Impakt, och op d'Aarbecht vun onsen ONGen. Vill vun hiren Partner am Süden hu keng Reserven, an eng Rupture vun der

Ënnerstëtzung, och wann se just kuerz ass, kéint schwéier Konsequenzen hunn. Wéinst dësem fragilen Equiliber hunn ech dofir gesuergt dass ons **budgetär Aschränkungen net op d'ONGen zeréckfalen**. De Gesamtbetrag fir d'ONGen wäert dëst Joer iwwer 54 MEUR leien. Wéi gesot konnten se hir Budgeten ganz flexibel gebrauchen fir eng direkt COVID Hëllef um Terrain ze leeschten. Och sinn déi geplangten Enveloppen fir d'ONGen fir d'Sensibilisatioun, d'humanitär Hëllef, d'Mandater, vun de Coopérant'en, an och den Subside fir den Cercle net gekierzt ginn.

Eis ONGen sinn och ganz aktiv am Beräich vun der **Kohärenz tëscht de Politiken**. Fir eng effektiv Entwécklung uechtert d'Welt ze erméiglechen, ass et néideg regelméisseg en Bléck op eis national Politik an hiren Impakt am Ausland ze werfen. Eng Thematik déi mir do besonnësch um Häerz läit, souwuel als Kooperatiouns- wéi als Wirtschaftsminister, ass de **Respekt vun den Mënscherechter an den Entreprises**. Am Kader vum zweeten nationalen Aktiounsplang ënnerstëtzen mir aktiv d'Ëmsetzung vun den UNO Leitprinzipien an deem Beräich. Dëst maachen mir andeems mir ab dësem Joer vun eisen privaten Partner verlaangen sech formell fir den Respekt vun den Mënscherechter ze engagéieren (z.B. en néien Critère an der Business Partnership Facility). Mir setzen eis och weiderhin aktiv an internationalen Foren fir d'Mënscherechter an.

Doriwwer eraus huet och de Klima- an Ëmweltschutz eng wichteg Roll an onser Entwécklungspolitik ze spillen. Duerch de Klimawandel wäerte mir weltwäit mat ëmmer méi groussen Erausforderungen konfrontéiert ginn, an et gëllt deem, och an der Entwécklungspolitik, am Sënn vun enger kohärenter Politik entgéintzewierken.

Den Comité interministeriel pour la Coopération au Développement, kuerz CID, ass dofir zoustänneg, fir zu deeër Kohärenz vun de Politiken bäizedroen. Dësen Forum bitt all zwee Méint d'Méiglechkeet ze préiwen wat fir en Afloss eis Politik potentiell op d'Entwécklungslänner huet.

Op internationalem Plang hëlleft **d'OCDE** eis am Moment ze analyséieren wéi mir eis nach besser kënnen opstellen fir d'Kohärenz vun der Politik fir d'nohalteg Entwécklung zu Lëtzebuerg an am Ausland ze verbesseren. Des Initiative gëtt gemeinsam tëscht dem **CID an der CIDD**, der Commission Interdépartemantale pour le Développement Durable, ënnerstëtzt.

Dir Dammen an Dir Hären,

Nieft all deenen Aktivitéiten an der Entwécklungshëllef bleift och eis **humanitär Hëllef** eng konkret Illustratioun vun eiser internationaler Solidaritéit an ee wichtege Deel vun eiser Aussepolitik. Och hei sinn mir eis eiser Verantwortung an enger ëmmer méi connectéierter a komplexer Welt bewosst, a wëssen dass dat wat mir a Regiounen maachen déi wäit ewech vu Lëtzebuerg sinn, zu méi Stabilitéit heiheem bäidrëit.

Konflikter, Hongersnéit, Verdriewungen, an Naturkatastrophen hunn als Konsequenz, dass Mënschen hiert Liewen verléieren, dass Kanner, Fraen an Männer a fragile Kontexter kierperlech a mentalem Leed ausgesat sinn, dass si sexuellem Mëssbrauch ausgeliewert sinn, an dass Familljen fir ëmmer hiert Heem an hiert Akommes verléieren, an keng Hoffnung méi hunn fir hier Zukunft an déi vun hire Kanner.

Et zeechent Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger aus, dass eis d'Leed vun den Mënschen am **Yemen, a Syrien, an der Sahel-Regioun** an op villen anere Plazen net egal ass an dass mir do versichen ze hëllefen, wou Hëllef gebraucht gëtt.

Dëst Joer war bis elo leider besonnesch mouvementéiert an huet gewisen, datt d'COVID-19-Pandemie d'Vulnerabilitéit vu Mënschen déi a **Krisegebitter** liewen, weiderhin an op laang Dauer verschlëmmert. Mee eis ass och bewosst, datt COVID-19, an esou Kontexter, keng reng „sanitär“ Kris, mee virun allem eng sozio-ekonomesch Kris ass, déi schwéier a wäitreechend Konsequenzen fir d'betrafte Populatiounen huet. Dofir war et fir eis vun Ufank un immens wichteg, eis national an international humanitär Partneren, nieft dem Covid, och weiderhin an hiren aneren **Aktivitéiten ze ënnerstëtzen**. D'Pandemie huet zwar a villen Hisiichten d'Welt zum Stëllstand bruecht, mee Konflikter, Naturkatastrophen an och soss Katastrophen wéi déi, déi Ufank August d'Hauptstad vum Libanon getraff huet, konnten duerch d'Pandemie net gestoppt oder verhënnert ginn. Ganz am Géigendeel. D'humanitär Besoin'en vu Milliounen betraffene Mënschen ronderëm d'Welt gi weider an d'Luucht.

Als klenge Land, mat deemno limitéierten Mëttelen, ass eisen Usaz dee flexibel an op Besoinen bezunnen humanitär Hëllef ze liwweren, déi op dem Respekt vun den **humanitäre Prinzipien** baséiert : Humanitéit, Neutralitéit, Onparteilchkeet an Onofhängegkeet. Doriwwer eraus ass et eis immens wichteg, net just op physisch Besoinen vun de betraffene Persounen anzegoen, mee och op hier psychesch Besoinen. Dësen inklusiven a ganzheetlechen Usaz erweist sech ëmsou méi an Zäiten vun COVID-19 als dee richtegen Usaz a wäert och an eiser neier humanitärer Strategie ënnerstrach sinn.

An och wa mir wëssen, datt humanitär Hëllef eleng net en Enn vu Konflikter oder Naturkatastrophen erbäiféiert, ass et eis moralesch an mënschlech Flicht eisen Deel dozou bäizedroen, datt déi Mënschen, déi alles verluer hunn, déi néideg Hëllef a Protektioun kréien, fir an Dignitéit kënnen e neit Liewen opzebauen. A

Duerch chronesch Krisen, déi sech ëmmer méi oft iwwe Joren, oder souguer Jorzéngten ewech zeien, ass eis bewosst ginn wéi wichteg et ass eng besser Complémentaritéit an Transitioun tëschent humanitärer Hëllef an Entwécklungshëllef ze fördern. De sougenannten „**Nexus humanitaire-développement**“ verdéngt doduerch weiderhin eng besonnesch Opmierksamkeet an guidéiert eis Aart a Weis wéi mir schaffen.

Dëst Joer huet alt erëm bewisen, duerch déi rezent brutal an déidlech Attack op humanitär Acteuren am Niger, , wéi wichteg et ass fir de sougenannten “**Espace humanitaire sûr**” weider a mat verstärkten Efforten ze fördern an ze schützen. Et gétt fir humanitär Acteuren nämlech ëmmer méi schwéier, hier Aarbecht sécher auszuféieren a gezielt déi Mënschen ze errechen, déi op hier Hëllef ugewise sinn.

Ech wëll op dëser Plaz, nieft dem Internationalen Comité vum Roude Kräiz an den humanitären UNO-Agencen, besonnesch d’Aarbecht vun deenen Lëtzebuerger ONG’en ervirhiewen, déi a Krisen oder Katastrophegebiddern aktiv sinn, an do dagdeeglech ënner schwéiere Konditiounen am Respekt vun den humanitäre Prinzipien schaffen. Et freet mech och besonnesch dass den **Welternährungsprogramm (PAM)**, ee vun onsen Haaptpartner, viru knapp zwou Wochen mam **Friddensnobelpräis** geéiert gouf, fir säi Kampf géint den Honger a säi Beitrag zur Verbesserung vun den Friddensbedingungen an de Konfliktgebiddern.

Mam PAM schaffen mir un innovative Léisungen am technologeschen, logisteschen an digitalen Beräich. Ee Beispill, dat Dir gutt kennt, ass „**emergency.lu**“. Zanter 2012 hu mir mat dréi lëtzebuerger Entreprises (SES, Hitech an Luxembourg Air Ambulance) eng eenzegaarteg Kommunikatiounsléisung entwéckelt, déi speziell fir den Asaz no Naturkatastrophen an bei

humanitären Krisen ausgeluecht ass. Wéi wichteg sécher an performant Kommunikatiounssystemer sinn, huet d'COVID-19-Pandemie eis emsou méi gewisen.

D'lescht Joer haten mir, zesummen mam CGDIS, Équipen a Material am Asaz no den Zyklonen Idai am Mozambique an Dorian op den Bahamas. Zanter 2012 waren mir bei praktesch alle gréisseren humanitären Katastrophen um Terrain, ënnert anerem dem Taifun Hayian op de Philippinnen, dem Äerdbiewen am Nepal an der Ebola-Epidemie an Westafrika. Am Moment hu mer 7 lëtzebuenger Antennen am Nigeria, Niger, Tschad, der Zentralafrikanescher Republik, Venezuela an a Syrien stoen, fir den PAM, fir d'UNO-Flüchtlingsagence, also dem UNHCR a fir d'UNICEF. Dëst Hëllef ass ganz efficace a visibel a kann een och als Deel vum „Nationbranding“ ugesinn.

Dir Dammen an dir Hären,

Phenomener wéi d'Globaliséierung, de Klimawandel oder de COVID-19 bréngen déifgräifend a villsäiteg Verännerunge mat sech a maachen onst Liewen an ons Aarbecht méi schwéier. Fir et kloer ze soen: di klassesch Entwécklungshëllef stéisst ëmmer méi oft un hier Grenzen a mir musse grad elo weider un neien Konzepter an neien Iddien schaffen, an nei Weeër sichen fir nach méi efficace ze sinn. **D'Zukunft vun der lëtzebuenger Kooperatioun** gesinn ech deemno am Kader vum **“build back better and greener”**. Mat Hëllef vun Innovatioun, neien Technologien, an verstärkten Partenariater mat multiplen Acteuren zu Lëtzebuerg an op internationalem Plang. Sief et mat engem responsablen Privat-Secteur, mat der Zivilgesellschaft, mat aneren Ministèren, mat Recherche-Instituter an der Uni, mat onsen Partnerlänner, mat aneren EU Memberstaten oder mat multilateralen Agencen. Mir müssen all zesummen an déi selwecht

Richtung schaffen fir d'Nohalteg Entwécklungsziel ze erreechen an den Agenda 2030 ëmzesetzen. Et bleiwen dofir just nach 10 Joer, déi sougenannt "Decade of Action".

Lëtzebuerg huet hei seng Roll ze spillen, besonnësch an de Beräicher vun der **Digitaliséierung an den neien Technologien** déi en grouss Potenzial fir d'nohalteg Entwécklung hunn. Onst Land huet hei ee komparative Virdeel an eng reell Valeur ajoutée, dat esouwuel wéinst eiser innovativer Finanzplaz mee och am sougenanntem ICT-Beräich, also an den Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien. An D'Digitaliséierung ass wichteg, fir eng zukunftsorientéiert Kooperatiounspolitik a ville Beräicher ëmzesetzen, wei d'Hëllef bei der d'Moderniséierung vu Verwaltungen, Telemedizin, integrativ Finanzen a Verbraucherschutz, Infrastruktur an Telekommunikatioun, oder och Fintech.

An deem Beräich hunn mir aktuell schonn eng ganz Rëtsch Initiativen lancéiert, virun allem mat engem geographesche Fokus op Afrika.

Dozou gehéiert och den Opbau vum **Digital for Development** oder och nach D4D **Hub** genannt. Zesumme mat aneren europäesche Memberstaaten (wéi Däitschland an der Belsch) an och der Europäescher Kommissioun baue mir eng Plattform op fir eng kohärent europäesch Approche an der digitaler Zesummenaarbecht. Domat wäerte mir technesch Hëllef bereetstelle fir d'digital Transformatioun an onse Partnerlänner ze fördern.

Mir selwer hunn awer och Nohuelbedarf a Saachen Digitaliséierung. Mir schaffen dofir zesummen mam CTIE un engem integréierten **Informatiounssystem**, mat enger Datebank, deen eis et wäert erlaben op ee Bléck ze gesinn, wou mir "en temps réel" mat onsen villen Partner dru

sinn. Sou kenne mer den strategeschen Pilotage an och onsen Reporting verbessern, fir onsen Engagementer am Beräich vun der Transparenz nozekommen. Wei der villäicht wësst ass d'letzebuerger Kooperatioun am Juni dëst Joer der **IATI**, International Aid Transparency Initiative, bäigetrueden an ab dem Summer d'nächst Joer ass virgesinn, dass mir ufänken *Open Data* un IATI ze rapportéieren.

Zu de programmatesche Prioritéiten fir Zukunft gehéiert och eng, déi meng zwee Ressorten concernéiert, an zwar **d'Abannen vum Privatsecteur** an eis Aarbecht. De Privatsecteur ass een vun den Haaptacturen wat d'Entwécklung a méi aarme Länner ugeet, an et ass also wichtig d'Entreprise an d'Richtung vun der nohalteger Entwécklung ze lenken. An engems mobiliséieren mir esou weider Ressourcen fir d'Entwécklungslänner, deele mat hinnen eis Expertise an Technologien, a schafe lokal Aarbechtsplazen an Steierakommes. Dëst erlaabt eis et eisem Objektiv vum inklusive Wuesstem méi no ze kommen.

Ee Beispill ass **d'Business Partnership Facility (BPF)**, mat där mer elo säit bal 5 Joer Innovatiounen ënnerstëtzen déi zur internationaler Entwécklung bäidroen. Duerch dëss Zesummenaarbecht goufen méttlerweil 25 Projeten initiéiert, an den Beräicher vun der Fintech, der Mobilitéit an der Logistik, esou wéi an deene vun der CleanTech, der Kreeslafwirtschaft, der Ekoinnovatioun, an den Informatiouns- an Kommunikatiounstechnologien.

Een aneren Secteur an deem Lëtzebuerg säit méi ewéi 20 Joer eng Virreiderroll spillt ass deen vun der **inklusive Finanz**. Wéinst eiser proaktiver Approche hu mir hautdesdaags en breet gefächerten Ecosystem an deem Beräich. Réischt Uganks Oktober ass mat der *Alliance for Financial Inclusion (AFI)*, dem internationalen Réseau vun den Regulateuren aus den

Entwécklungs- a Schwelleländer déi sech fir d'finanziell Inclusioun asetzen, deen neitsten Acteur op Lëtzebuerg komm.

Aus den internationalen Diskussioun geet kloer ervir, dass méi nohalteg Investissementer net wierklech e Choix sinn, mee eng Noutwendegkeet. D'Besoin'en un Finanzementer fir déi kleng an mëttelgrouss Entrepreneuren uechtert d'Welt gi permanent an d'Luucht. Ech gesinn hei e grousst Potential fir Lëtzebuerg. Dofir wäert ech weiderhin d'Schafe vun innovativen Finanzoutilen ënnerstëtzen, dëst natierlech unhand vu Qualitéit's-kritären déi kennen nogewisen ginn, wéi z.B. duerch en Impakt-Label vun Luxflag, déi mir zesumme mat dem Finanz- an dem Ëmweltministère ënnerstëtzen. Ee Beispill wou d'Kooperatioun Startkapital an den Beräicher Entrepreneuriat an Digitaliséierung zur Verfügung gestallt huet, ass déi rezent **SDG500 Plattform**. Hei kommen UNO-Agencen, ONGen, bilatéral Acteuren wei Lëtzebuerg, an och privat Investisseuren zesummen, fir Synergien ze schafen an gezielt Investissementer ze förderen déi en positiven Impakt op d'Nohalteg Entwécklungsobjektiver hunn.

An der Covid-Kris huet sech gewisen, dass mir op déi richteg Prioritéiten gesat hunn bei onser Entwécklungszesummenaarbecht. An dofir wëll ech déi Effort'en och weiderféieren. Dat ass de Fall bei der Ënnerstëtzung vun deene Vulnérabelsten, de Jonken, de Fraen. Dat ass de Fall fir de Beräich vun der Educatioun an der Formatioun professionnelle, an deem vum Schafen vun Aarbechtsplazen. An dat ass natierlech och de Fall bei der '**Gesondheet**, der Promotioun vum Zougang zu Gesondheetsversuergungen a vun enger Sécurité sociale fir all Mënsch. Si bleiwen e roude Fuedem vun eiser Entwécklungshëllef, och an den nächste Joren. An deem Sënn hunn ech am Juni e neien Memorandum of Understanding matt der OMS ënnerschriwwen, deen op hiren

Aarbechtsprogramm ausgeriicht ass. Iwwer di nächst Joren gëllt et och nach ëmmer dat onst Haaptzil den Opbau vun enger **universeller Gesundheitsbetreuung** wäert sinn. Mee och de Kampf géint iwwerdrobar Krankheeten, insbesonnesch dem HIV/AIDS, wäert weiderhin wichteg bleiwen mat enger ganz aktiver Präsenz a Westafrika. Am Zesammenhang mat hirer neier Strategie, kennt d'Direktesch vun ONUSIDA dësen Hierscht op Lëtzebuerg an ech wäert mat hir eise neie strategesche Partenariat mat ONUSIDA schwätzen.

Dir Dammen an dir Hären,

Villes huet sech am leschten Joer verännert, an d'Entwécklungszesammenarbescht nom COVID-19 wäert net déi selwecht sinn wéi déi virum COVID. Ech kann awer soen dass ons Haaptprioritéiten an Interventiounsaxen, wäerten bleiwen, sou wei se an onser **Strategie** festgehalten sinn. D'Pertinenz dovun ass haut méi akut wéi jee. Trotzdem ass fir d'Emsetzen vun der Strategie eng Reflexioun an e gewëssenen Repositionnement néideg. Ech hunn dofir meng Mataarbechter beoptraagt konkret **Orientéierungspabeieren** auszeschaffen an de Beräicher vun der Finance inclusive an der Kooperatioun mam Privatsecteur, am Digital for Development, an der humanitärer Hëllef, an, last but not least, an der **Gläichstellung tëschent den Geschlechter**.

Erlaabt mer mat deem Thema meng Ried ofzeschléissen, well et ass villäicht déi wichtigst Viraussetzung fir eng wierklech nohalteg an integrativ Entwécklung, an d'Verwierklechung vun der Agenda 2030. Et muss een leider feststellen dass **d'Chancëgläichheet** net um Rendez-vous ass, an **Diskriminéierung vun Fraen a Meedercher** weiderhin besteet. Sief et an Beräicher wéi Zougang zum Aarbechtsmarché, zu Ressourcen oder zu öffentlechen Entscheedungsprozesser. Virun allem an den securitär prekären Länner, souwéi der Sahelzone, bleiwen Fraen an Meedercher weiderhin onverhältnisméisseg staark mat de Konsequenzen vun Aarmut an

Ausgrenzung konfrontéiert. Adaptéiert un d'Länner, de Kontext an d'Bedürfnisser wäerte mir den Aspekt Genre systematesch ëmsetzen, mat engem Fokus op d'Autonomisatioun an d'Protectioun vun de Fraen. Nëmmen en integréiert Handelen um Niveau Politik, Sécherheet an Entwécklung kann zu enger dauerhaften Stabiliséierung vun de Rechter vun Fraen a Meedercher féieren.

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Dir gesitt, mir hunn ons schnell un den neien Kontext adaptéiert, an si prett fir déi nei Erausforderungen unzegoen, zesummen mat all onsen Partner. **No one is safe until everyone is safe**, an et gött nach vill ze dinn, an dat mat deene Mëttelen déi ons hei zur Verfügung stinn. Mee ech muss soen dass ech impressionéiert sinn wat mer konnten an COVID Zäiten ëmsetzen, bilateral an kollektiv.

Ech well also op dëser Platz all den Acteuren vun der lëtzebuerger Kooperatioun **en groussen Merci** soen fir déi gutt Zesummenaarbecht. Zemoos déi Leit um Terrain verdéngen onsen Respekt. Déi Leit déi sech trotz COVID Dag fir Dag asetzen fir eng méi nohalteg an gerecht Welt, "fidèle au poste" an oft an schwierigen Konditiounen! Matt iech all zesummen, wäerte mer probéieren aus den Erausforderunge vun haut, d'Opportunitéite vu muer ze maachen.

Loosst mech mat engem chineeseschen Proverb ophalen: Wann de Wand vun den Ännerungen bléist, ginn et déi Leit déi Maueren bauen, an déi Leit déi Wandmillen bauen. Loosse mer zu deenen gehéieren déi Wandmillen bauen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.